N°8080
Entrée le 07.06.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 07.06.2023

**Här Fernand Etgen**
**President vun der Chamber**

Lëtzebuerg, den 7. Juni 2023

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden mir Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechte weiderzeleeden.

Säit dem 27. August 2022 ass den Tunnel Schieburg op der Nordzuchstréck tëscht Kautebaach a Wëlwerwolz gespaart. Doduerch feelt eng wichteg Zuchverbindung zu Lëtzebuerg, virun allem fir d'Leit aus dem Norden. Bei enger rezenter Pressekonferenz vun der CFL ass kloergestallt ginn, dass den Tunnel net wéi geplangt no der Ouschtervakanz rëm konnt opgoen. Zënterhier ass kee konkreten Datum gewosst, wéini d'Linn 10 rëm operabel ass. Doriwwer eraus geet aus enger rezenter Äntwert op d'parlamentaresch Fro N°7975 ervir, dass elo schonns geplangt ass, déi genannte Stréck fir den Zuchverkéier am Zäitraum vum 19. August bis den 10. September 2023, wou och d'Fouer stattfënnt, um Tronçon Ettelbréck-Gouvy, ze spären.

An deem Kontext wéilte mir folgend Froen un de Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechte stellen:

- Kann den Här Minister eis soe wat den aktuelle Stand vun den Aarbechten am Tunnel Schieburg ass?
- Ass et zu weidere Komplikatioune bei den Aarbechten am Tunnel Schieburg komm?
- Wéini soll déi genannte Stréck nees fir den Zuchverkéier opgoen?
- Firwat sinn d'Entretiensaarbechten, déi fir den Zäitraum August bis September 2023 geplangt sinn, net elo gemaach gi wou d'Stréck souwisou zou war, respektiv zou ass?

Här President, mir bieden Iech dës Fro, mat eisem déifste Respekt unzehuelen.

**Martine Hansen**
Deputéiert

**Emile Eicher**
Deputéierten

**Aly Kaes**
Deputéierten

**Jean-Paul Schaaf**
Deputéierten

CSV-Fraktioun | 13, rue du Rost | L-2447 Luxembourg | Tel. 47 10 55 – 1 | csv@chd.lu

N°8080
Entrée le 03.07.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 8080 vum 7. Juni 2023 vun der Madamm Deputéiert Martine Hansen, vum Här Deputéierten Emile Eicher, vum Här Deputéierten Aly Kaes an vum Här Deputéierte Jean-Paul Schaaf.**

Nodeems d'Gestengs, dat an den Tunnel gefall ass, komplett evakuéiert konnt ginn, sinn aktuell d'Aarbechten am gaange fir déi definitiv nei Drostruktur op der concernéierter Plaz an den Tunnel anzebauen.

Zenter dass den 13. Februar 2023 festgestallt gouf dass déi bis dohinner realiséiert Injektiounen net duer ginn an dorops hin den Aarbechtsprogramm ugepasst gouf, ass et zu kenge Komplikatioune bei den Aarbechte komm.

Den Deel vun der Nordstreck tëschent Kautebaach a Clierf wäert de 5. August 2023 nees a Betrib kënne goen.

D'Erneierungsaarbechten, déi fir d'Period vum 20. August bis den 10. September geplangt sinn, gesinn eng komplett Erneierung vun de Gleiser (Schinnen, Schwellen a Ballast) tëscht Wëlwerwolz an Draufelt vir. Dobäi handelt et sech ëm ± 4.200 m Gleis, dat mat Hëllef vun engem mechaneschen Embauzuch erneiert gëtt. Den Zougang fir des spezialiséiert Aarbechtsmaschinnen an déi doduerch bedéngte Materialversuergung vum Chantier kann nëmme vu Süde Richtung Norde statt fannen, well des Gefierer vun de Firmen, déi um Lëtzebuerger Reseau agreéiert sinn, keng Autorisatioun hunn fir um belsche Reseau kënnen ze zirkuléieren.

Den Tunnel Schieburg, deen tëscht Kautebaach a Wëlwerwolz läit, huet also den Accès per Schinn wärend de Méint wou d'Nordstreck op dem betraffene Streckendeel zou war an och nach ass, verspaart. Wéinst der Topographie an dem Mangel un adequate Stroossenaccèse war d'Erneierung vun de Gleiser anescht wéi duerch déi mechanesch Method net denkbar.

Lëtzebuerg, den 3. Juli 2023

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch